N°2001
Entrée le 03.03.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 03.03.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/03/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

Am Hondsgesetz gouf 2008 eng Hondssteier festgehalen. All Gemeng muss deemno all Besëtzer vun engem Mupp mat mindestens 10 Euro besteiere. Weder sinn d'Critère bekannt, no deenen de Montant vun der Steier berechent gëtt, nach kann een dovunner ausgoen dass dës Recetten och ëmmer integral am Interêt vun de Muppe genotzt ginn. Op Nofro vun de Piraten bei der deemoleger Regierung am Mäerz 2023 ass och a villen Artikelen ze liese gewiescht, dass dës Steier ganz inkohärent op Gemengenniveau applizéiert gëtt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi héich war d'Hondssteier deen eenzele Gemengen an de Joren 2023, 2024 an 2025 ?
2. Wéi vill Recetten hunn déi eenzel Gemenge mat der Hondsteier an de Joren 2022, 2023 an 2024 ageholl? Falls d'Konten dem Inneministère fir d'Joer 2024 nach net matgedeelt goufen, wiere mir frou wa mir d'Zuele fir 2024 zu engem spéideren Zäitpunkt kéinte nogereecht kréien.

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten